



Här Fernand Etgen  
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 24. Juni 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës drénglech parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet an un d'Madamm Inneminister weider ze leeden.

Eisen Informatiounen no gouf et um Virowend vum Nationalfeierdag e gréissere Problem mat den Noutruffnummern 112 an 113. Den Einsatzleitsystem Renita war wuel während Stonnen net operationell. Bedéngt duerch een Update vum Informatiksystem vun der Police wier den 113 net erreechbar gewiescht an all Uriff wieren op den 112 deviéiert ginn. Well et hei zu Iwwerlaaschtunge kouw, sinn anscheinend och Appellen op Funk a Privat-Handye geleet ginn.

Virun dësem Hannergrond géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Kënnen d'Ministeren dës Informatiounen bestätegen?
2. Wa jo, war dësen Update geplangt?
3. Wa jo, wéi ass et méiglech datt esou en Update op engem Virowend vum Nationalfeierdag stattfënnt?
4. Wann nee, wat waren d'Ursaache vum Update?
5. Wéi vill Uriff vum 113 goufen op den 112 deviéiert?
6. Waren d'Responsabel vum 112 informéiert iwwer den Update a goufen am Virfeld Precautiounen geholl?

Här President, mir bieden lech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Marc Lies  
Deputéierten

Léon Gloden  
Deputéierten

Laurent Mosar  
Deputéierten